

Reglement – Béierpong Turnéier TdN 2021

Schéissen an Treffen:

- Beim Schéisse muss den Ielebou hannert der Kant vum Dësch sinn. Et gehéiert natierlech zum gudden Toun des Reegel selwer anzehalen. Trotzdeem huet de Verdeedeger ëmmer selwer opzepassen, dass seng Géigner des Reegel anhalen. De Verdeedeger huet soulaang wei nach net geschoss gouf d'Recht säi Géigner dorop hinzeweise wann en sech net dorun hält. Soubal geschoss ass, verfält dat Recht an et gëllt als gültege Schoss.
- Et gëtt noenee geschoss. Gläichzäiteg schéissen zielt net.
- Et gëtt ouni Ball rausblöse gespillt.
- Trefft den éischte Ball gëtt dëse virum zweete Schoss aus dem Becher geholl. D'Grupp vum Ball ass selwer dofir zoustänneg de Géigner drun ze erënnere. Vergiess ass vergiess.
- 2 verschidde Bechere getraff → des 2 Bechere fort huelen an 1 Ball zeréck
- 2 mol den nämmechte Becher getraff → 3 Bechere fort
- Fält ee Becher duerch eegent Verschëlden em ass en direkt aus dem Spill.
- Fält ee Becher duerch den éischte Ball em gëtt en direkt aus dem Spill geholl a kann net méi mam zweete Ball getraff ginn.
- Beréiert de Ball virum éischten Optuppen ee Kierperdeel vum Verdeedeger an et gouf doduerch kloer ee méiglechen Treffer verhënnert, ass 1 Becher fort.
- Fält de Ball ongewollt an dän eegene Becher geschitt näischt.
- Gett een Drénkbecher getraff geschitt näischt, et gëtt normal weider gespillt.

Optupper:

- De Ball muss minimum 1 Kéier den Dësch beréieren, dass en als Optupper gëllt.
- 1 Optupper → 2 Bechere fort (den Ugräifer kann den zweete Becher wielen)
- Beréiert de Ball als éischt ee Becher, soss een Objet um Dësch oder de Verdeedeger selwer a geet dono era gëllt et ni als Optupper. (Beispill: De Ball trifft Kant vum Becher dono den Dësch a geet dann eran)
- Nom éischten Optuppen dierf de Ball ëmmer ofgewiert ginn.

Becheren ëmstellen:

- Just um Ufank vum Zuch erlaabt (huet well ee geschoss dierf een net virum zweete Schoss stellen).
- All Form déi an engem Dräieck steet (mat méi wei 3 Becheren) däerf gestallt ginn
- Et dierf 2 mol ëmgestallt ginn.
- Egal wei eng Form gestallt gëtt. Se mussen ëmmer un de Rand vum Dësch gestallt ginn.

Trickshot:

- Kennt de Ball méi wäit wei d'Mëttellinn zeréck gëtt et een Trickshot.
- Fält de Ball op de Buedem (och nodeems en iwwert d'Mëttellinn war) gëtt et KEEN Trickshot.
- Mat der schwächer Hand normal schéissen oder normal schéisse mat den Aen zou gëllt net als Trickshot.
- Den Trickshot gëtt vun der Persoun ausgefouert der hire Schoss et war.

Leschte Becher:

- Ass de leschte Becher getraff kann déi aner Grupp just nozéie wann des d'Spill net ugefaangen huet.
- D'Grupp déi nozitt kritt ëmmer 2 Ball. (och wann déi aner Grupp mat dem éischte Ball de leschte Becher getraff huet)
- Trëfft d'Grupp déi nozitt och de leschte Becher, gëtt jeeeweils mat 2 Ball weider op de leschte Becher gespillt.

Divers:

- Guestshots zielen net.
- Ginn d'Becheren duerch ee Schoss oder aner Ëmstänn verréckelt dierf den Ugräifer zu all Moment verlaangen se erëm richt ze stellen.
- De Béier muss eidel gedronk sinn éier de nächste Match gespillt gëtt. Dat wichtegst ass dass kee Béier verbëtzt gëtt. ;)

